



**SNPGL.LU**

Syndicat National de la Police Grand-Ducale

## **Partenariat ARAL LËTZEBUERG - SNPGL**



bedingt duerch déi grouss Nofro un ARAL-Kaarten an  
technesch/informatesch Probleemer bei ARAL resp. bei  
B2Mobility GmbH (Ëmstellen vum System),  
verzögert sech d'Ausliwerung vun äre Kaarten...

Net méi spéit wéi Ufangs November krute mir déi gudd  
Nooricht, dass déi technesch Probleemer behuwe sinn an elo  
no an no d'Konten kennen opgemaach  
an d'Kaarten ausgeliiwert ginn.

**Mir bidden Iech ëm e bësse Gedold a Versteesdemech.**

Och wëlle mir drun erënneren, dass et absolut kee Wert  
huet, eegestänneg ARAL ze kontaktéieren an dat onnëtze  
Zäitverloscht fir iech an ARAL ass.

de Comité





# F A Q



## zu menger SNPGL-ARAL-Kaart

### ☞ Wéi kréien ech als SNPGL-Member eng ARAL-Kaart?

Du méchs eng Mail op [may@snpgl.lu](mailto:may@snpgl.lu) oder riffs um SNPGL-Sekretariat (244 404 278) un. Pro Stot kennen max. 2 ARAL-Kaarten ugefrot ginn. Du kriss duerno all Dokumenter gemailt déi ausgefëllt, per Mail oder per Post, direkt un den SNPGL zrëckgeschéckt ginn. De SEPA-Ziedel, d.h. d'Domiciliatioun, muss 2 Mol identesch ausgefëllt ginn. Wichtig, Du kanns just 1 Kontosnummer ugin, d.h. déi selwecht IBAN-Nummer kennt op déi 2 SEPA-Dokumenter.

### ☞ Kann ech 2 ARAL-Kaarten op een an deen selweschten Numm ufroën?

Jo, daat geet. Allerdéngs mussen déi 2 Nimm liicht vuneneen ofwäichen (M. Mustermann / Max Mustermann)

### ☞ Kann ech bei 2 ARAL-Kaarten och 2 verschidden Konten ugin fir d'Rechnung oofzebuchen?

Nee, bei 2 Kaarten mussen déi 2 Kaarten op een an deen selweschten Bankkonto laafen.

### ☞ Muss ech meng komplett Kontosnummer ugin fir kennen eng ARAL-Kaart ze kréien ?

Jo, Du muss deng komplett IBAN-Kontosnummer ugin; d'Nummer vun denger Kredit/Débitkaart geet net.

### ☞ Muss ech eng Emailadress ugin fir kennen eng ARAL-Kaart ze kréien ?

Jo, et ass eng Emailadress erfuerderlech fir déi monatlech Rechnung kennen ze verschecken.

### ☞ Muss ech eng Kopie vu menger Carte d'Identité (recto/verso) bäileeën fir kennen eng ARAL-Kaart ze kréien ?

Nee, net onbedengt. Falls keng Kopie vun denger Carte d'Identité bäiläidt, muss Du dech iwert e Link identifizéieren, deen ARAL Dir schéckt. Natiirlech ass dest mat méi Zäitopwand verbonnen.

### ☞ Waat maachen wann ech meng ARAL-Kaart gescheckt kréien?

D'Kaart(en) gett/ginn mat der Post zougescheckt. Den Dag duerno kriss Du per Post deng PIN. Fir d'PIN siichtbar ze maachen, de Pabeier vun hannen roofzéihen. Et ass keen Rubbellous. All Kaart huet seng eegen PIN.

### ☞ Kann ech, oder ARAL, d'PIN vun menger ARAL-Kaart änneren ?

Nee, d'PIN ass fix a kann weder vun Dir selwer, nach vun ARAL, geännert gin.

### ☞ Kann ech meng ARAL-Kaart och am Ausland benotzen ?

Nee, deng SNPGL-ARAL-Kaart kann nëmmen zu Lëtzebuerg benotzt gin an daat kann och net geännert gin.

### ☞ Kann ech d'Limit vun menger ARAL-Kaart op >500€/Mount ropsetzen lossen ?

Nee, d'Limit ass fir 1 oder 2 Kaarten op 500€/Mount pro Clientskont begrenzt.

☞ **Wat geschitt wann ech d'Generalkonditiounen net (méi) erfëllen resp. respektéieren (z.B meng monatlech Rechnung net bezuehlen, d'Memberschaft am SNPGL kënnegen, asw.) ?**

Wanns Du d'Generalkonditiounen net (méi) erfëlls resp. respektéiers, gett deng ARAL-Kaart direkt gespaart. D'Entspären vun der ARAL-Kaart geschidht réischt wann d'Konditiounen (rëm) erfëllt sin.

☞ **Wéisou ass d'Limit um Tankomat op xx-L Sprit/Tankvirgang limitéiert?**

Dëst ass eng Virastellung, jee no Tankomat, a kann net geännert ginn. Wanns Du däin Tank komplett fëllen wells, muss Du eng Tankseil op der Tankstell wielen, wous Du duerno an der Kees bezuehlen kanns.

Et ass am allgemengen dovunner ofzeroden um Tankomat ze tanken, ausser Tankstellenkees ass zou, well virun all Tankvirgang automatesch gepréift gëtt, wéi héich d'Limit um Clientskont (500€) nach ass, an jee no Virastellung vum Tankomat (max. xx-L Sprit/Tankvirgang) gëtt den Tankvirgang direkt automatesch refuséiert well d'Limit vum Clientskont net méi héich genuch ass par rapport zur max. L-Sprit-Zuehl déi bei der Virastellung vum Tankomat (max. xx-L Sprit/Tankvirgang) besteet.

☞ **Wat maachen wann ech meng ARAL-Kaart verluer hunn oder gestuel krut?**

Am Fall vu Verloscht oder Déifstal, direkt d'Kaart spären loossen andeems Du direkt eng Email op [aralcard@aral.lu](mailto:aralcard@aral.lu) méchs an deng Kaarten- oder Clientsnummer mat ugëss.

☞ **Wéi kann ech meng perséinlech Donnéeën vun menger ARAL-Kaart änneren loossen?**

Am Fall vun Adressenwiessel, Kontowiessel oder soss enger Ännerung, einfach eng Mail op [aralcard@aral.lu](mailto:aralcard@aral.lu) mat deenen neien Donnéeën maachen a meng Kaarten- an/oder Clientsnummer mat uginn.

**Als kleng Erënnerung fir d'Uwendung vun de Remisë:**

D'Remisë gëllen op all ARAL- & BP-Tankstellen am Grand-Duché ausser um Autobunnsréseau (Aire de Capellen & Aire de Berchem).

Am Car-Wash gëllen d'Remisë nëmmen op deenen Statiounen, déi vun ARAL bedriwwen ginn (-> Lëscht).

D'SNPGL-ARAL-Kaarten funktionéieren och op den TOTAL-Tankstellen zu Lëtzebuerg, mee do ouni irgendwelch Remisë an déi Virgäng gin och op däin ARAL-Clientskont verbucht (max. 500€/Mount fir 1 oder 2 Kaarten).

Bei all weideren Froen oder Onkloerheeten,

zeckt net iech bei eis ze mellen (Tel: 244 404 278 - Mail: [may@snppl.lu](mailto:may@snppl.lu) / [snppl@snppl.lu](mailto:snppl@snppl.lu)).

